N°2500
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Een Artikel vum 19te Juni op reporter.lu beriicht iwwert eng Geriichtsaffär an deem ee Staatsbeamten aus dem Steierbüro zu Péiteng wéinst "prise illégale d'intérêts" schëlleg gesprach gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Goufen am Steierbüro zu Péiteng no dësem Fall weider Onreegelméissegkeete festgestallt? Falls jo, wéi vill Fäll goufen et?
2. Wéi vill Auditen a Kontrolle goufen et an de leschte 5 Joren am Péitenger Steierbüro?
3. "*La jeune femme contrevient à un règlement interne de l'administration de septembre 2020 qui proscrit à un agent du fisc de traiter lui-même sa déclaration de revenus et de déterminer sa base imposable.*"
   Wéi ginn d'Beamten an de Steierverwaltungen iwwert déi deontologesch Reegele forméiert an informéiert?
4. Wéi oft huet d'Personal am Steierbüro zu Péiteng an de leschte 5 Jore gewiesselt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten